CaraPio

Wie mir sinn?

CaraPio ass d´Ofkierzung vu Caravellen a Pionéier, dat si Jugendlecher, Meedercher a Jongen, tëscht 14 a 17 Joer. Am Verband vun den LGS ginn et zur Zäit 60 CaraPio-Truppen, mat 637 Jugendlechen an 198 Cheftainen a Chefen. An deene meeschten Truppen schaffe Meedercher a Jongen zesummen, et ginn awer och nach eenzel Caravellen- a Pionéiertruppen.
D´CaraPio treffe sech eemol d´Woch an enger Versammlung fir zesummen flott Aktivitéiten z´organiséieren an duerchzeféieren. Ganz vill Wäert gët geluecht op d´Matbestëmmung, souwuel bei der Wiel a Virbereedung, wéi och beim Duerchzéien vun den Aktivitéiten. Et läit op der Hand, dass also och d´Matverantwortung an d´Engagement grouss geschriwwe ginn. Wat mir erliewen? De Startschoss fir e neit Joer ass ëmmer d´Montée, wou déi nei CaraPio an d´Trupp opgeholl ginn. Am Laf vum Joer gin dann en etlech Weekender zesumme geplangt an iergendwou am Inoder Ausland, am Chalet oder Zelt opgehal. Den absoluten Héichpunkt vum Guide/Scoutsjoer ass awer de Camp, dee bei de CaraPio meeschtens am Ausland ass.